Groupe parlementaire

Depot: Fred Keup

Lëtzebuerg, den 30. Januar 2024

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- et an der EU eng grouss Villfalt u Kulturen a Sprooche gëtt an datt d'Sprooche vun der EU e wichtege Pilier vum gemeinsame kulturelle Patrimoine vun Europa sinn;
- d'EU aktuell 24 offiziell Amtssproochen huet, dorënner och (wat d'Zuel vun de betreffende Mammesproochler ugeet) relativ "kleng" Sprooche wéi Malteesesch oder Iresch;
- Lëtzebuergesch zu Lëtzebuerg der Verfassung no d'Sprooch vum Land ass an nom Gesetz vun 1984 souwuel Nationalsprooch wéi och administrativ Sprooch ass;

ass sech bewosst, datt

- d'Roll vun eiser Nationalsprooch an der EU sech aktuell dorop limitéiert, datt europäesch Institutioune mam Lëtzebuerger Staat senger Hëllef op Lëtzebuergesch äntweren, wann si e Bréif oder eng Demande an eiser Nationalsprooch kréien;

fuerdert d'Regierung op,

- sech aktiv, a méi wéi bis elo, fir d'Unerkennung vun der Lëtzebuerger Sprooch als offiziell Sprooch vun der Europäescher Unioun anzesetzen, an dëst nom Virbild vum Ireschen, dat 2007 Amtssprooch gouf ouni komplett Iwwersetzungsflicht.